

ren och hei weiderkommen. Eise Souci ass net fir eis Statistiken ze verbesseren, eise Souci ass eppes ze maachen, fir dass een net méi mat 50 Joer, haut souguer schonn öfters mat 45 Joer gesot kritt, du daags näischt méi. Dat ass eise Souci a fir dee kämpfe mer.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - Domadder ass dës Punkt ofgeschloss a mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4956 iwwer d'Intérêts de retard.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Mosar, Fayot, d'Madame Durdu, den Här Henckes, d'Madame Wagener an den Här Urbany. D'Wuert huet de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Patrick Santer.

7. 4956 - Projet de loi relative aux délais de paiement et aux intérêts de retard

- portant transposition de la Directive 2000/35/CE du Parlement européen et du Conseil du 29 juin 2000 concernant la lutte contre le retard de paiement dans les transactions commerciales, et
- abrogeant la loi modifiée du 23 juin 1909 ayant pour objet de faire courir de plein droit l'intérêt en faveur des créances de l'artisan et du détaillant et la loi du 22 février 1984 relative au taux de l'intérêt légal

Rapport de la Commission juridique

M. Patrick Santer (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann dësé Projet de loi e relativ harmlosen Titel dréit, huet en et awer a sech, an e wäert, op d'mannst dat hoffe mer, am Geschäftsliewen zu enger méi grousser Disziplin beim Anhale vu vertragleche Bestëmmunge féieren.

Wann een eppes keeft, da muss een dës Wuere respektiv Servicer och bezuelen. Wann de Keefer nom Auslaf vun enger am Vertrag oder op der Rechnung festgeluechte Frist net bezitt, da kann e vum zoustännege Geriicht condemnéiert ginn dem Verkeefer de geschëllte Betrag ze bezuelen, an nach dobäi zousätzlech Intérëten op deem Montant.

Beim Projet de loi 4956 dréit et sech ëm d'Fro vun der Festleeung vun den Délais de paiement an den Intérêts de retard, dat heescht déi Zënsen, déi ufalen, wann den Débiteur net mat Zäite bezitt.

Mir hunn zwee Gesetzer, déi dës Matière regelen, an zwar d'Gesetz vum 23. Juni 1909, dat festleet vu wéini un dës Zënsen ulafen, an e Gesetz vum 22. Februar 1984 iwwert den Taux vun esou Zënsen. Mam heitege Projet wäerte mer zwee Regimer an engem Gesetz festhalen. Éischtens e Regime fir d'Vertrag tëschent engem Professionellen an engem Endverbraucher, Kapitel 2 vum Projet de loi, an e Regime fir Vertrag tëschent Betriber, tëschent Betriber an dem Stat, enger Gemeng oder engem Établissement public. Dat ass am Kapitel 1 festgehalen.

De Regime, dee sech op Vertrag tëschent engem Professionellen an engem Endverbraucher applizéiert, iwwerhëlt den heitege Regime vun de Gesetzer vun 1909 an 1984 mat enger klenger Ausnahm, déi Dir am Rapport noliese kënnt. Als Endverbraucher sinn déi anzestufen, déi ënnert d'Gesetz vun

1983 iwwert de Verbraucherschutz falen.

De Regime, dee sech op d'Délais de paiement an d'Zënssätz bei Créancen, déi am Kader vu Vertrag tëschent Betriber an dem Stat, enger Gemeng oder engem Établissement public ufalen, ass d'Kärstéck vu dësem Projet de loi. Ier ech an den Detail vun dëser neier Réglementatioun aginn, wëllt ech e puer méi grondsätzlech Bemierkunge maachen.

Déi Regeln, déi elo nei an de Projet de loi kommen, entstamen enger Direktiv vum 29. Juni 2000. De Statistike vun der Europäescher Kommissioun no ass de Fait, dass d'Rechnungen net oder mat ganz vill Verspéidung bezuelt ginn, de Grond vun all véiert Faillite oder Insolvenzprozedur. An dat ass jo och net ouni Auswirkung op den Aarbechtsmaart. Dobäi kënnt nach, dass wann e Créancier seng Aarbecht oder Servicer net bezuelt kritt, hie selwer a Schwieeregkeete kënnt, fir seng eege Créancen ze bezuele mat der Konsequenz, dass et esou zu Faillites en cascade komme kann.

Dës Problemer triede besonnesch bei Kleng- a Mëttelbetriber op, well grad déi weinst hirer méi klenger Surface financière méi ufälleg sinn a méi séier a Schwieeregkeete gorden, wann hir eege Rechnungen net bezuelt ginn. Op där anerer Säit, wann eng Gesellschaft Suen, déi se zegutt huet, andreiwe muss, kann dat net nëmme laang daueren, mä besonnesch bréngt d'Andreiwe vun enger Schold eng ganz Rei vu Fraisë mat sech.

Wann ech elo méi an den Detail vum Projet de loi a besonnesch vum Kapitel 1 vum Projet de loi ginn, da befaassen ech mech nëmme mam Text, dee vun der Commission juridique ugehall ginn ass. Den initialen Text vum Projet de loi war, opgrond vu Kritikke vum Statsrot a vu verschiddene Berufschamberen, vun der Commission juridique ëmstrukturéiert an iwwerschafft ginn. Deen Text, dee mer de Mëttag wäerten ofstëmme, ass also grondverschiede vum initialen Text vum Projet de loi.

Wie fält ënnert d'Kapitel 1 vum Projet de loi? D'Kapitel 1 vum Projet de loi fënnit nëmme Uwendung wann d'Schold aus enger Transaction commerciale staamt. Am Projet de loi hu mer d'Définitioun vun der Transaction commerciale aus der Direktiv iwwerholl: Dat si Vertrag tëschent Betriber oder tëschent engem Betrib an de Pouvoirs publics. Als Betrib zielt all Struktur, wat och ëmmer hir juristesche Form ass, ob se d'Personnalité juridique huet oder net, déi enger wirtschaftlecher oder eegestänneger professioneller Aktivitéit nogeet. Dat kënnen Gesellschaften sinn, dat kënnen Geschäftsleit sinn, Associations agricoles falen do drënner, Associations momentanées och, mä och d'Professions libérales falen ënnert d'Kapitel 1 vum Projet de loi.

Den Terme vu Pouvoirs publics viséiert de Stat, eng Gemeng, en Établissement public oder all aner staatlech oder parastaatlech Struktur, déi ënnert d'Direktiven iwwert d'öffentlech Ausschreiwunge falen. D'Créancen tëschent esou Pouvoirs publics, tëschent z.B. dem Stat an enger Gemeng oder tëschent zwou Gemengen, sinn awer expressis verbis aus dem Gesetz ausgeschloss. De Statsrot hat den Terme vun Transaction commerciale kritiséiert a gesot, dat war eng Notioun, déi eisem Recht net ugepasst war, well och d'Professions libérales drënner géife falen. De Statsrot hat dofir den Terme vun Transaction d'affaires virgeschloen. Dës Propos gouf awer net vun der Commission juridique iwwerholl.

Op där enger Säit ass d'Transaction commerciale eng Notioun, déi an där Direktiv steet an esou eng autonom Interpretatioun muss kréien an déi och vun anere Memberstaten, déi dës Direktiv ëmgesat hunn, iwwerholl ginn ass. Op

där anerer Säit steet d'Transaction d'affaires, wéi vum Statsrot virgeschloen, net grad mat eisem Code civil an Aklang, well et jo keng Transaktioun am eigentleche Sënn vum Wuert ass. Eng Transaktioun am Kader vum Code civil, an dat kënnt Der am Artikel 2044 noliesen, ass e Vertrag, deen e Prozess oder eng Contestatioun zu Enn bréngt oder verhënnert. Hei handelt et sech ëm eng vertraglech Relatioun mat engem wirtschaftlechen Handgrond. Wat fir eng juristesche Form dës Relatioun unhuele kann, ass absolut irrelevant.

Niewent Transaktiounen tëschent zwee Pouvoirs publics ginn och nach dräi aner Kategorie vum Transactions commerciales ausgeschloss, dat sinn d'Créancen, déi am Kader vun enger Insolvenzprozedur vum Créancier ufalen, Créancen, déi an enger Lettre de change oder engem Scheck stinn, an d'Créancen, déi am Kader vun der Indemnisiatioun vun engem Schued opkommen.

Wat fir een Zënssaz gëtt da bei esou Créancen aus enger Transaction commerciale ugewant? Bei esou Créancë gëtt den Zënssaz esou festgeluecht: Et hält een den Taux directeur vun der Europäescher Zentralbank, deen ass haut bei 2%, an et setzt ee 7% derbäi, dat heescht haut war deen Taux, also den Zënssaz, bei 9%. D'Marge vu 7% ka per Règlement grand-ducal erhéicht ginn. Den applicablen Zënssaz geët och am Mémorial publizéiert.

D'Parteien am Vertrag kënnen den Zënssaz, deen esou am Projet de loi festgehalen gëtt, änneren. D'Commission juridique huet sech awer d'Fro gestallt, ob d'Parteien am Vertrag méi en héijen Zënssaz misste virgesinn oder ob se fräi wäeren, och méi en niddregen Zënssaz festzeleeën. Op eng deementsprechend Fro huet d'Europäesch Kommissioun eis geäntwert, datt d'Parteien am Vertrag fräi wäeren, entweder méi en héijen oder méi en niddregen Zënssaz unzeginn.

Vu wéini u leeft dësen Zënssaz? D'Zëse gi gerechent vun deem Moment u wou d'Frist fir d'Schold ze bezuelen ofgelaf ass. Wann d'Frist ofgelaf ass, da lafen d'Zënsen automatesch un. Wann näischt am Vertrag oder an der Rechnung steet iwwert esou eng Frist, da leet de Projet de loi eng presuméiert Frist vun 30 Deeg fest. Dës 30 Deeg lafen u vum Dag, wou den Débiteur d'Rechnung kritt huet. Wann deen Datum net preziséiert oder prezis uitgemaach ka ginn, oder wann d'Rechnung ausgestallt gouf ier en d'Wuere geliwwert krut oder d'Servicer prestéiert gi sinn, da leeft déi Frist vun 30 Deeg vum Dag vun der Liwwerung vun de Wueren oder der Prestation de service un.

Wann am Vertrag eng Prozedur, en Agrément, eng Kontrollprozedur virgesinn ass, da lafen d'Zënsen 30 Deeg no der Kontroll oder dem Agrément un. Natierlech kënnen d'Zënsen nëmme ulafe wann de Créancier säin Deel vum Kontrakt respektéiert huet. Wann en zum Beispill déi falsch Wuere geliwwert huet oder wann dës Wueren net konform sinn zu deem wat am Vertrag steet, da kann en net dem Débiteur Zënsen op dee geschëllte Betrag verrechnen.

Wéi ass et mat de Käschten, déi e Créancier muss bezuele fir de geschëllte Betrag anzendriewen? Bis haut kann de Créancier viru Geriicht nëmme eng Indemnité de procédure ufroen. An der Praxis ass et esou, datt d'Gerichter, och wa se den Débiteur zu esou enger Indemnité de procédure condemnéieren, datt dës Indemnité de procédure nach laang net duergéit fir all d'Käschten, déi duerch esou e Prozess entstane sinn, ze decken. Dofir gëtt elo am Projet de loi

d'Méiglechkeet fir de Créancier geschafen, viru Geriicht seng Fraisën zrëckzefroen. De Créancier muss dofir all déi Rechnungen, inklusiv d'Affekotsrechnungen, virweisen.

D'Gericht kann den Débiteur zu der Réckerstattung vun esou Fraisë condemnéieren, mä natierlech dierfen dës Fraisën net disproportionéiert par rapport zum geschëllte Betrag sinn. Wann dat de Fall wär, ass et um Richter de Montant festzesetzen, deen hien als proportionéiert ugesäit. Et kann een natierlech net eng Indemnité de procédure an Zréckerstattung vun den Andreiwungskäschte kumulativ froen. De Créancier muss de Choix maachen tëschent der Indemnité de procédure, wou kee Justificatif gefrot ass, an der Zréckerstattung vun de Käschten ënnert dësem Projet de loi wou déi Montanté justifiéiert musse ginn.

An engem Vertrag kann och e forfaitaire Montant virgesi ginn, wann de Créancier um Geriicht muss kloer fir seng Suen anzendriewen. Un dee Montant muss d'Gericht sech natierlech halen. De Richter kann awer dës forfaitaire Montant entweder erofsetzen oder esouguer eropsetzen, wann en der Meenung ass, e wär ze héich respektiv ze niddreg ugesat.

Kënnen d'Parteien am Vertrag d'Bestëmmunge vum Projet de loi änneren? Mir hu scho gesinn, datt d'Parteien d'Méiglechkeet hu fir den Zënssaz ze änneren. Si kënnen och d'Fristen, no deenen d'Zënsen automatesch ulafen, per Vertrag änneren. Mä fir ze vermeiden, datt esou e Créancier abusive Clausë kënnt ënnerschreiwen oder misst ënnerschreiwe fir de Marché ze kréien, hu mer eng Action en cessation virgesinn. De Créancier kann an enger Aart Référéprozedur froen, datt déi vertraglech Bestëmmungen, déi dem Kapitel 1 vum Projet de loi net entsprechen, als abusif erkläert ginn. Do kann dann de Richter, wann en den Emstänn entsprechend déi Clause als abusif erkläert, aner Bedingungen ordonnéieren, ouni awer dem Créancier méi Rechter ze gi wéi am Projet de loi virgesi sinn.

Zum Beispill wann am Vertrag virgesinn ass, datt d'Zënsen eréischt no 50 Deeg amplaz, wéi am Projet de loi virgesinn, no 30 Deeg ulafen, kann d'Gericht den Emstänn entsprechend no virgesinn, datt d'Zënsen nom Oflafe vun enger Frist vu 40 Deeg ulafen, et kann awer keng Frist virgesi ginn, déi manner héich ass wéi 30 Deeg. Esou eng Action en cessation kann och vun enger Organisatioun ugefaange ginn, déi d'Rechter vun deene Kleng- a Mëttelbetriber vertritt. Do ass de Regime deeselewichten, just datt déi Organisatioun nëmme déi vertraglech Bestëmmunge kann ukloen, déi fir den Usage général geduecht sinn, zum Beispill allgemeng Geschäftsbedingungen.

Wéini trëtt dësé Projet de loi a Kraaft? Bei Vertrag, déi no deenen üblechen dräi Deeg no der Publikatioun vum Gesetz am Mémorial a Kraaft trieden, renouveléiert oder prorogéiert ginn, ginn d'Bestëmmunge vum Projet de loi direkt ugewant. Bei deene Vertrag, déi elo scho bestinn, bleiwen d'Gesetzer vun 1909 an 1984 während enger Iwwergangszäit vun engem Joer applicabel. Mir wollten esou den Iwwergang vum heitege Regime op deen neien net vun haut op muer de Leit opzwängen.

Natierlech spillt an dësem Zesummenhang och d'Fro vum Effet direct vun der Direktiv, dat heescht d'Méiglechkeet fir eng Direktiv, wou den Délai de transposition ofgelaf ass, direkt ouni déi national Emsetzungsmaasures unzewenden. Dat bedéngt awer, datt d'Direktiv prezis genuch ass fir direkt ugewant ze ginn. Bei eiser Direktiv vum 29. Juni 2000 ass den Délai den 8. August 2002, also virun enger Zäitche schonn, ofgelaf.

Wann d'Gerichter der Meenung sinn, datt déi verschidde Bestëmmungen oder datt verschidde Bestëmmunge vun der Direktiv prezis genuch sinn an de Bedëngunge vum Effet direct entsprechen, kann d'Gericht d'Direktiv och op scho bestehend Vertrag uwenden, mä, an dat ass och wichtig, ass den Effet direct vun enger Direktiv nëmme op Relatiounen tëschent dem Stat a Persounen, dat heescht, en Effet direct vertical beschränkt, da kann net tëschent zwou Privatpersounen en Effet direct horizontal ugewant ginn.

Här President, wann een e Vertrag ënnerschreift, dann huet déi Persoun sech drun ze halen. Wann an engem Vertrag eng Frist fir de geschëllte Betrag ze bezuele festgeluecht ginn ass, da muss d'Schold bannent där Frist bezuelt ginn. Am Geschäftsliewen zielt nach ëmmer den Adage: „qui signe paie“, wien ënnerschreift, muss och dofir riichtstoen. Wann een eppes ze bezuelen huet, dann ass et onverständlech, datt am Geschäftsliewen oder an de Relatiounen tëschent engem Geschäftsmann, engem Betrib an de Pouvoirs publics de Créancier net zu sengem Geld kënnt an dat an der Frist, déi vertraglech ausgehandelt gouf.

A wann dat och net de Fall sollt sinn, da muss deen, deen ze bezuelen huet, och gezwonge gi sengen Obligatiounen nozegoen. Dat geschitt an dësem Projet duerch méi en héijen Zënssaz. Den Zënssaz am Gesetz vum 22. Februar 1984 läit haut bei 4,75%. Den neien Zënssaz bei Transactions commerciales wäert dann elo bei 9% leien an dat geschitt och duerch d'Méiglechkeet d'Andreiwungskäschte moyennant Justificatif natierlech zrëckbezuelt ze kréien.

De Projet de loi gëtt awer och de Vertragsparteie genuch Spillraum fir d'Bestëmmungen iwwert d'Délais de paiement an den Zënssaz esou ze moduléiere wéi et hirer spezieller Situatioun ugepasst ass, mat der Méiglechkeet fir de Créancier nach ëmmer abusive Clausen anuléiert ze kréien oder anescht ugewant ze kréien.

Bei dësem Projet geet et nëmme ëm d'Délais de paiement an d'Zënssätz. All aner Bestëmmunge vun eisem Recht, wéi zum Beispill d'Bestëmmungen iwwert den Anacisme, dat heescht Zënsseszënsen, oder d'Influenz vun der Sous-traitance bei Marchés publics bleiwen absolut ofgeännert.

Wann dësé Projet de loi méi Disziplin beim Bezuele vu geschëllte Beträg bréngt, hoffe mer, datt esou och manner Betriber un de Rand vun der Faillite gedriwwen ginn.

Ech géif lech also bieden dësé Projet de loi, deen eestëmmeg vun der Commission juridique guttgeheescht ginn ass, an der Versioun unzehuele wéi en am Rapport zrëckbehalen ginn ass an ech soen lech merci.

M. le Président. - Als éischten Diskussionsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Laurent Mosar (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer méi besonnesch Kleng- a Mëttelbetriber kommen haut an eng finanziell schwieereg Situatioun, well hir Clienté schlecht oder guer net bezuelen. Déiselwecht Tendenz fanne mer och ëmmer méi bei de liberale Beruffer, déi Problemer hu fir hir Rechnungen anzendriewen.

All dëst dréit net dozou bäi, an engem Moment wou dës Entreprisë sech souwisou scho musse mat enger ëmmer méi grousser auslännescher Konkurrenz moossen, hir Situatioun ze verbesseren. Duerch déi schlecht Bezuelungsmoral entstinn dann och deene klengen a mëttleren Entreprisë substatziell administrativ a finanziell Käschten, fir déi se a priori kee kënnen zur

Verantwortung zéien. Wann een op där anerer Säit weess, dass déi substanzjiell Retarden am Bezuele vu Rechnunge keng weider schwéierwiegend Konsequenze fir d'Débiteuren hunn, well de legalen Zënssaz relativ niddreg ass, esou kann ee sech virstellen, datt et do eng ganz Rei vu Persoune gétt, déi systematesch am Réck vun dësen Entreprises a mat deenen hire Sue schaffen.

Et ass dann och aus all dëse gudde Grënn, wou d'EU-Kommissioun dem Europäesche Parlament eng Direktiv virgeschloen huet, déi als Objectif de Kampf géint d'Retarden am Bezuele vun de Rechnungen huet.

Här President, dat Gesetz, wat mer haut hei diskutéieren, ass genau d'Transpositioun vun där Direktiv an dofir sinn ech frou, datt, och wann et e bësselche méi laang gedauert huet, mer trotzdeem elo haut dëst Gesetz stëmmen, wat sécherlech eiem Mëttelstand an awer och eise fréie Beruffer eng wäertvoll Hëllef wäert sinn an hirem alideegleche Kampf géint déi sou genannte mauvais payeurs.

Ech wëll dann och net méi op den Detail vum Projet agoen. De Rapporteur Patrick Santer huet dat, wéi mer et vun him gewinnt sinn, op seng bekannte kompetent an iwwersiichtlech Manéier gemaach an ech wëll him och vun dëser Plaz aus e Merci soen, ganz besonnesch well hien och hei de Projet praktesch erëm frësch geschriwwen huet, nodeem de Statsrot an déi verschidde Beruffskummeren eng Rei vu méi fundamentale Kritiken virbruecht haten.

Ech wëll meng Ausféierungen op dräi Bemierkunge limitéieren.

1. Fir nach eng Kéier ze preziséieren, datt dëst Gesetz sech op all kommerziell Transaktioun bezitt, déi sech tëscht Geschäftsléit, Entreprises oder liberale Beruffer ofspillen, respektiv tëschtent all deene Beruffer an der öffentlecher Hand. Et geet also hei net ëm d'Relatiounen par rapport zum dem Otto Normalverbraucher, deen net ënnert dëst Gesetz fält. Wann also eng Privatpersoun zum Beispill Aarbechten un hirem Haus duerch eng Firma exekutéiere léisst, ziele beim Bezuele vun der Rechnung vun dëser Privatpersoun an déi Entreprise déi normal Regeln, esou wéi se an de Gesetz vum 23. Juni 1909, respektiv 22. Februar 1984 festgeschriwwen sinn an net d'Regele wéi se elo an dësem Gesetz festgehalen ginn.

2. Wéi gétt elo den Zënssaz fixéiert? De Rapporteur huet et schonn erkläert. Hei ass also am Prinzip den Taux directeur vun der Europäescher Zentralbank, deen zréckbehale gétt, plus 7% déi dropgeschloen ginn. Ech wollt awer hei nach eng Kéier ënnersträichen, datt et de Parteien erlaabt ass iwwert de Wee vun enger Konvention sech iwwert dësen Niveau vum Zënssaz ewechzesetzen, sief dat andeem ee méi en niddregen oder awer och méi en héijen Zënssaz virgesäit. Ech ka mer och virstellen, datt dës Méiglechkeet wäert an Zukunft vu ville Betriber an hire géigesäitegen Transaktiounen genotzt ginn, nach muss dëst dann awer ganz kloer am Virfeld festgeluecht ginn.

3. Den Text, dee mer haut hei stëmmen, huet eng allgemeng horizontal Uwendung. Dat heescht, e bezitt sech op all Form vu Verspéidungen am Bezuele vu Rechnungen, egal a wat fir engem Aktivitéitsberäich déi kommerziell Transaktiounen sech ofspillen. Et ass also, an de Rapporteur huet et och schonn eng Kéier ënnerstrach, eng sou genannte „lex specialis“, déi an der Hierarchie iwwer all deenen aneren Dispositiounen vun anere Gesetzestexten unzesidelen ass an déi sech op all kommerziell Transaktiounen bezitt, esou wéi se an dësem Text definéiert ginn.

Dat gesot, Här President, kommen ech och schonn zu menger Kon-

klusioun andeem ech fir d'alleréischte de Justizminister géif nach eng Kéier bidden an Zesammenaarbecht mat sengem Kolleg Mëttelstandsminister eis Betriber iwwert déi nei Dispositiounen ze informéieren, well ech d'Gefill hunn, datt déi allermannst am Moment eigentlech au courant si wat hei genau op se zoukënn. Datselwecht géllt par ailleurs och wat den öffentleche Secteur ugeet, a ganz besonnesch och eis Gemengen an do kucken ech op mäi Kolleg Jempy Klein a senger Qualitéit als President vum Syvicol, wou et gutt wier, wann een och d'Gemenge géif iwwert dës nei Regeln informéieren, well mer jo als Gemegeverantwortlech alleguerte wëssen, datt déi Prozeduren, déi mer nun ebe musse respektéieren, oft relativ schwéierfällig a laangwierig sinn an eis Gemengen domadder riskéieren an Zukunft substanzjiell zousätzlechen Zënssuerderungen ausgesetzt ze sinn.

Dëst gesot, sinn ech awer dovun iwwerzeegt, datt dëse Projet eng net onwesentlech Hëllef fir ganz besonnesch eis Kleng- a Mëttelbetriber, awer och all d'liberal Beruffer wäert sinn, fir an Zukunft méi schnell hir Rechnungen bezuelt ze kréien a sech domadder an engem méi schwierige konkurrenzjiellen Ëmfeld ze behapten.

Domadder bréngen ech dann och den Accord vu menger Fraktioun an ech soen lech merci fir d'No-lauschteren.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Ben Fayot agedroen. Den Här Fayot huet d'Wuert.

M. Ben Fayot (LSAP). - Här President, ech wollt selbstverständlech ganz besonnesch hei dem Rapporteur, dem Här Santer, fir seng Aarbecht merci soen. Hien huet ganz vill un dësem Gesetz geschafft an huet dat och mat ganz vill Akribie a Begeeschterung virgedroen, esou wäit wéi déi Matière hei Begeeschterung zouléisst.

Här President, vläicht fir d'éischt awer erëm eng Kéier eng kritesch Remarque iwwert d'Transpositioun vun dëser Direktiv. D'Direktiv ass vum 29. Juni 2000 a si hätt misse spéistens den 8. August 2002 transposéiert sinn. De Projet ass an den Délaien de 16. Mee 2002 déposéiert ginn. De Statsrot huet säin Avis den 2. Juli 2002 virgeluecht an d'Chambres professionnelles, d'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce waren och nach ongeféier am Délai. Déi eng huet hiren Avis den 23. September 2002 virgeluecht, déi aner de 7. Oktober 2002. An dunn huet et bei der Chamber geklemmt, muss ee ganz éierlech soen. Et huet bis Ufank 2004 gedauert bis déi Aarbecht duerchgezu war.

Ech muss lech éierlech soen, ech hunn all Verständnis fir Problemer, déi kënne a Verwaltung virkommen, och Problemer, déi an der Chamber kënne virkommen, mä ech fannen dat net gutt, dass mer esou laang Zäit brauchen, fir esou wichteg Texten ze transposéieren, d'autant plus wou hei jiddfereen unerkennt, dass dësen Text fir Kleng- a Mëttelbetriber vun enger grousser wirtschaftlecher a finanzieller Importenz ka sinn. D'Chambre des Métiers huet an hirem Avis duergeluecht, dass do duerch kënnten eng Partie Faillité verhënnert ginn, a wann dat méi schnell geschitt wär, dat natierlech besser gewiescht wär. Do muss jiddferee sech senger Responsabilitéit bewosst sinn.

Mir kënne menger Ansicht no net esou virufern mat Texten, déi esou technesch sinn, ouni ons, wa mer se net kënne schnell genuch ëmsetzen, d'Mëttelen ze ginn, och d'Ressources humaines ze ginn, fir dat méi schnell ze maachen. Et soll elo eng Evaluatioun kommen den 8. August 2004 vun der Kommission aus. Ech froe mech, op wat déi Evaluatioun zu Lëtzebuerg sech ka beruffen.

Här President, de Conseil d'État war a sengem Avis der Meinung dës Direktiv géif sech nëmmen op grenziwwergräifend Transaktiounen beschränken. De Conseil d'État huet gemengt, dass d'Europäesch Unioun keng Kompetenz hätt fir d'Transaktiounen an engem Land, dass se nëmme Kompetenzen hätt, fir grenziwwergräifend Transaktiounen.

Am Laf vun den Aarbechten huet sech awer gewisen, dass dës Beschränkung eigentlech net nützlich wär. De Projet ass dunn ëmgeännert ginn, fir niewent der eigentlecher Transpositioun vun der Direktiv, wéi den Här Mosar richteg gesot huet, eng Direktiv, déi sech op d'Transaktiounen zwësche Professionelle bezitt, och nach déi national gesetzlech Bestëmmungen iwwer Transaktiounen zwësche Professionellen a Consommateure mat anzubauen. Dat ass dee Gesamtprojet, dee mir elo hunn, an ech mengen, et war eng glécklech Léisung, fir dat op déi Manéier ze maachen, fir esou e Gesamttext ze hunn, wou dann d'Betriber an och d'Particulière sech erëmfannen.

Dëst ass jo och a Relatioun gesat gi mat dem Gesetz iwwert d'Marchés publics vum 30. Juni 2003. Et ass an der Circulaire vum Innenministère un d'Gemengen iwwert d'Marchés publics op dëst Gesetz higewise ginn zu engem Abléck wou déi Transpositioun nach amgaange war.

Ech wëll derbäifügen, dass et wichteg ass, dass mer dësen Text elo hunn, well dee sech och um europäesche Plang an eng Aarbecht vun der Kommission aschreift fir Kleng- a Mëttelbetriber, eng Aarbecht, déi Mëtt den 90er Joren ugaangen ass an déi ganz nützlich ass fir déi Kleng- a Mëttelbetriber, well déi Problemer, déi déi Betriber zu Lëtzebuerg hunn, déi hunn déi Betriber iwwerall an der ganzer Europäescher Unioun.

An der Diskussioun iwwert déi Transpositioun an der zoustänneger Kommission ass op eemol, hunn ech gesinn an engem Rapport, Opreegung komm weinst de Gemengen. Den Här Mosar huet dat jo och hei répercutéiert. Et gouf gesot, den Délai vun 30 Deeg wär ze kuerz, et bräicht een op d'mannst, vu d'Prozeduren an de Gemengen, 90 Deeg. Schlussendlech ass den Délai bei 30 Deeg bliwwen, zu Recht mengen ech. Wann nämlech d'Gemenge vu Betriber eppes geliwwert kréien, solle se sech ariichten, dëst schnell ze bezuelen, well déi Betriber hu Paien ze bezuelen, an d'Arbeitnehmer, déi waarden och net een, zwee oder dräi Méint op hir Pai. Si hunn och hir Fournisseuren ze bezuelen. D'Gemenge kënne sech bestëmmt Prozeduren zouleeën, déi et erlaben, hir Rechnungen schnell ze bezuelen.

(M. Nico Loes prend la Présidence)

De President vum Syvicol, mäin exzellente Kolleg Jempy Klein, huet mer gesot, et wär parfaitement méiglech, dass direkt no Ofschloss vun enger Aarbecht eng Réception vun deenen Aarbechte gemeinsam a kontradiktoresch mam Bauhär oder vun der Firma kënn gemaach ginn, an opgrond dovunner kënn dann d'Rechnung opgestallt ginn a schnell bezuelt ginn. Et ass also net wéi wann de Syvicol an d'Dirigente vum Syvicol sech net mat där Matière bis elo befaasst hätten. Ech mengen, si hunn do eng ganz gutt Proposition gemaach.

Här President, souwuel d'Chambre des Métiers wéi och d'Chambre de Commerce bemierken, dass et och eng ganz Partie Verbraucher gétt, déi net bezuelen. Dëst wär besonnesch heefeg beim Bau oder souguer bei méi klengen Rechnungen

de Fall. Dofir gouf, wéi ech scho gesot hunn, en zweet Kapitel un d'Direktiv ugehaangen an deem d'Gesetz vum 1909 an 1984 iwwert d'Créancé vum Handwierker a vum Commerçant behandelt ginn. Ob dëst d'Léisung allerdéngs fir dee Problem ass, d'Léisung, déi déi Chamberen do ugedeit hunn, weess ech net. Hoffentlech, mä dat muss een nach gesinn.

Dat gesot, Här President, géif meng Fraktioun selbstverständlech dësem Gesetz zoustëmmen, dat sécher e wichtegt Gesetz ass fir d'Relatiounen tëschtent de Betriber, dem Stat, de Gemengen an och fir d'Relatiounen tëschtent de Professionellen an de Consommateuren ze regelen.

M. le Président. - Merci, Här Fayot. Als nächste Riednerin ass déi honorabel Madame Agny Durdu agedroen. Madame Durdu, Dir hutt d'Wuert.

Mme Agny Durdu (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Argumenter, déi déi Europäesch Kommission dozou bruecht hunn, fir eng Direktiv an dëser Matière auszeschaffen, sinn am Fong geholl vollstens verständlech. Et geet drëms, fir d'libre circulation, déi soll an der Europäescher Unioun si fir de Commerce deen tëschtent den europäesche Länner besteet, beschtméiglechst ze organiséieren an ze erlaben.

Wann de Problem deen awer ass, dass d'Créancieré Problemer hu fir hir Rechter anzekloen an dass se an deem enge Land op déi eng Aart a Weis an an deem anere Land op eng aner Aart a Weis behandelt ginn, dann ass et selbstverständlech, dass d'Fournisseuren e bëssen zécken, fir bis iwwert d'Grenze vun hirem Land erauszugeen. Aus deem Grond ass also déi Direktiv geschafte ginn, a si ass verständlech.

Wéi mir dësen Text, deen an e Projet de loi ëmgeschriwwen ginn ass, an der Kommission analyséiert hunn, hu mer awer och séier festgestallt, dass dësen Text géif eng Partie schwéierwiegend Annerunge brénge fir eis Betriber a fir déi Professionell.

Ech mengen, et ass net néideg, dass ech op déi technesch Auswierkungen vun dësem Gesetz nach eng Kéier aginn, de Rapporteur Patrick Santer, deen ech félicitéieren, net nëmme fir säi schrëftlechen a säi mündleche Rapport mä och fir déi Aarbecht, déi en an der Kommission gemaach huet, ass wierklech am Detail op déi technesch Ëmsetzungen agaan, déi mat sech bréngen, dass déi Professionell unbedingt musse ganz vigilant si wa se Kontrakter ofschléissen, fir dass si an den Délaien hir Créancen, déi och si bei anere Professionellen hunn, andriewen an op där anerer Säit déi och bezuelen.

Et ass méi wéi eng Kéier op den öffentleche Secteur higewise ginn, sougutt op de Stat wéi op d'Gemengen. An de Patrick Santer hat zur Aféierung gesot, dëst Gesetz géif wahrscheinlech dozou féieren, dass déi eenzel Leit misste vill méi Disziplin un den Dag leeën, fir hir Créancen ze begläichen. Dat ass ganz besonnesch wouer, mengen ech, fir de Stat a fir d'Gemengen.

Alleng wann een d'Gemenge kuckt, deenen hir Prozeduren ech elo besser kennen, sou ass et heiansdo esou, dass déi intern Prozedure mat sech bréngen, dass tëschtent dem Ofschloss vun engem Chantier, respektiv der Liwwerung vun dem Material, d'Kontroll, d'Ausstellung vum Mandat de paiement, dann et an de Schäfferot goen ze loossen, da bei de Receveur, fir dass endlech iwwerwise gétt, dass dat kann heiansdo méi wéi 30 Deeg daueren. Dëst Gesetz ass eng allgemeng Opfuerderung fir d'Gemengen, net nëmmen eng Opfuerderung mä carrément eng Obligatioun fir hir Délaien ze verkieren.

Et war scho ganz richteg, dass den Här Mosar do en Appel gemaach huet un de Syvicol an un de President Jempy Klein, mä nach froen ech mech, ob mir hei den Innenminister esou sollen aus senger Verantwortung erausloossen, an ob et net ubruecht wär, dass eng Circulaire vum Innenminister géif un d'Gemenge verschéckt ginn, fir do-drop opmierksam ze maachen. Ech mengen, intern an deenen eenzelne Verwaltungen muss och jidderee wëssen op wat fir eng Aart a Weis e Publicitéit iwwert dëse Gesetzesprojet mécht.

Fir de Rescht wäert et wahrscheinlech, oder hoffen ech, dass et en Effet bénéfique op d'Relations commerciales huet. Mir sinn eis jo bewosst, op déi Demande hin, déi mer jo gestallt hate bei der Europäescher Kommission, ass et natierlech esou, dass ee kann derogéieren zu dësem Gesetz, an et wär ze hoffen, dass awer net ze vill derogéiert gétt an dass och do net ze vill Pouvoir bei deenen eben erëm eng Kéier ass, déi staark si par rapport zu deenen, déi eben nëmme Kleng- a Mëttelbetriber sinn.

Ech soen lech merci fir d'No-lauschteren an ech bréngen den Accord vu menger Fraktioun.

Plusieurs voix. - Très bien.

M. le Président. - Merci, Madame Durdu. Als nächste Riedner ass den honorabel Här Jacques-Yves Henckes ageschriwwen. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR). - Merci, Här President. Ech menge mir stëmmen haut e ganz wichtegt Gesetz, well fir d'éischte Kéier festgehalen gétt, datt et muss ënnert den Entreprises an ënnert den Entreprises an dem Stat an de Gemengen nees zu enger besserer Zahlungsmoral kommen. Et ass bedauerlech wann ee gesäit, datt verschidden Entreprises higinn a si benotzen deen, deem se Sue ginn hunn, fir dee quasiment ze obligéiere fir hinnen en zënnsfräie Kredit ze ginn. Dat wäert mat dësem Gesetz ophalen.

Op där anerer Säit muss ee soen, datt natierlech de Stat an d'Gemenge ganz oft och net mam gudde Beispill virginn. Ech wëll drun erënneren, datt onse Stat den Entreprises nach ganz vill TVA schëlleg ass an hinnen déi net bezilt. Dat geet och an d'Milliounebetrag. A wann d'Entreprise Suen zegutt hu vum Stat a si kréien déi net, dann dréckt dat ganz staark op hir Trésorerie an et kann esouguer derzou féieren, datt verschidde Betriber doduerjer an d'Faillite geroen. Dofir ass et scho wichteg, datt mer endlech en Zeeche setze fir hei déi Zahlungsmoral ze verbessern.

Wat mer bedauern, dat ass, datt eng Direktiv néideg ass, fir datt mer iwwerhaapt op dëse Wee ginn. Dat wat positiv um Gesetz ass, dat ass, datt elo prezis Prozedure festgehalen sinn, datt et en Taux vun 9% wäert gi vun deem Abléck u wou dëst Gesetz a Kraaft trëtt. A fir déi, déi mengen, datt si um Geriicht esouguer sollten déi 9% éischter spille loossen, si hunn d'Méiglechkeet fir viru Geriicht ze froen, datt den Effet direct vun der Direktiv op den 8. August 2002 spillt.

Et ass positiv an dofir wäert och den ADR der Opfuerderung vum Rapporteur, dem Här Patrick Santer, nokommen an dësem Gesetz seng Zoustëmmung ginn.

M. le Président. - Merci, Här Henckes. Als nächste Riednerin ass déi honorabel Madame Renée Wagener ageschriwwen. Madame Wagener, Dir hutt d'Wuert.

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG). - Merci, Här President. D'Retards de paiement sinn an Europa d'Ursach bei engem vu véier Fäll vun Insolabilitéit, si verursaachen de Verloscht vu 450.000 Aarbechtsplazen am Joer an der

Uniou, si generéieren 23,6 Milliarden Euro onbezuelt Scholden an 10,8 Milliarden Euro verlueren Intéreten. Déi Zuelen eleng soe scho wéi wichteg dës Direktiv ass, och wa se vläicht net jiddferree passionéiert, wéi mer et elo grad scho gehéiert hunn.

Den Délai de paiement variéiert och ganz staark an der Europäescher Uniou, e variéiert jee no Land. Et ass zum Beispill esou, dass déi niddregst Délaien an de skandinavesche Länner herrschen, déi leien am Duerchschnëtt bei 32 Deeg, während a Südeuropa en Duerchschnëtt vun 78 Deeg erreecht gëtt. Et gëtt eng Statistik vun 1997, wou een dat och ganz gutt kann nokucken. Allerdéngs feelt Lëtzebuerg an där Statistik. Ech weess net, ob et méi rezent Chiffere oder Statistike gëtt wou Lëtzebuerg dann och géif optauchen. Et wär natierlech da gutt ze wëssen, wou sech Lëtzebuerg dann an där Statistik géif ermëfannen, bei deene Länner mat enger gudder Zahlungsmoral oder éischter bei deenen aneren.

Ech hat elo grad dat Nord-Süd-Gefälle beschriwwen. Ech kommen herno nach eng Kéier drop zrëck. An deene Länner wou den Délai laang ass ass natierlech eng vun den Ursachen déi, dass et méi interessant ass fir d'Débiteure fir hire Créanciere Geld ze scholde wéi es ze léine fir hir Rechnungen ze begläichen. An et ass och an deem Sënn, wou déi heiten Direktiv soll spillen. Et huet awer natierlech och eppes mat der Zahlungsweis ze dinn. Esou ass et notament esou, an ech mengen dovun ass Lëtzebuerg och beträff, dass d'Paieementer an d'Ausland, zum Beispill d'Virementen, ëmmer nach relativ laang kënnen daueren an domat och kënnen dozou bäidroen, dass déi Paieementer méi laang ginn.

Et ginn derniewent awer och Entreprises, déi eng manner gutt Zahlungsmoral hu wéi anerer, zum Beispill ginn d'Pouvoirs publics explizit och genannt wann et ëm Entreprisé mat enger schlechter Zahlungsmoral geet. A bei de privaten Entreprises ass et anscheinend och esou, dass déi grouss Entreprisé méi eng schlecht hu wéi d'PMEen. An deemselwechten Text, dee vun der Kommissioun publizéiert ginn ass, wou ech elo déi heiten Zuele virdu genannt hunn, gëtt nämlech gesot, dass déi grouss Entreprises zweemol méi oft Retarden hu bei hire Paieementer an dass déi Retarden och zweemol méi laang si wéi bei de klengen a mëttleren Entreprises. Dat schwätzt jo am Fong och fir sech.

D'Direktiv, déi mer hei virleien hunn, ass awer am Fong net higaange fir ze harmoniséieren. Si huet eigentlech just eng Disposition par défaut agefouert, déi sech applizéiert wann d'Länner keng eege Regeln hu respektiv, oder besser gesot, wann tëschent den Entreprisé keng Regeln ausgeschafft goufen. An ech wäert herno nach eng Kéier op déi Problematik zrëckkommen, well dat wahrenschinlech de Knackpunkt och vun där Direktiv ass.

Den Här Fayot hat awer virdrun och schonn drop higewisen, dass Lëtzebuerg selwer bei der Ëmsetzung vun där Direktiv och e gewësse Retard de paiement, wann een dat kann an dësem Fall esou ausdrécken, kritt huet an dass mer domat net nëmmen zu deene Länner gehéieren, déi d'Direktiv spéit ëmsetzen, mä dass dat effektiv och déi Evaluatioun, déi sollt am August 2004 gemaach ginn, eigentlech a Fro stellt. Ech weess net, ob mir zu deene leschte Länner gehéieren, déi elo déi Direktiv hei ëmsetzen, mä op alle Fall mécht et jo net vill Sënn, wann net jiddferree do mat am Boot ass, wann ee wëllt eng Evaluatioun maachen. Ech denken, dass dat eng bedauerlech Attitüd ass.

Déi Attitüd fanne mer awer net nëmme beim Stat erëm, mä et huet een och an der Kommissioun konn-

te feststellen, an där enger Sitzung wou mer méi intensiv iwwert dee Projet hei geschwat hunn, dass haaptsächlech vun der Sait vun de Gemengepäpp a -mamme ganz grouss Ängschten opkomm sinn, an zwar a Richtung, dass hir Gemenge kaum fäeg oder kompetent wäer fir déi Paieementer esou schnell ze organiséiere wéi dat eben hei géif verlaangt ginn. An d'Stéchwuert Nord-Süd-Gefälle: Zu Lëtzebuerg schéngt et dann ëmgedréint ze sinn, well ech ka mech erënneren, dass deemools vum Vertrieeder vun Esch gesot ginn ass, si bräichte just ee Mount fir hir Paieementer ze maachen, während d'Stad Lëtzebuerg anscheinend dräi Méint brauch.

Do kann ee sech jo dann awer och Froe stellen, wourun et läit. Läit et wierklech drun, dass eng ganz Rei vu Prozedure mussen agehale ginn? Oder läit et einfach drun, dass d'Gemengen ënnerschiddlech gutt organiséiert sinn, vläicht och ënnerschiddlech wäit an hirer Informatiséierung vun de Paieementer virukomm sinn? Op alle Fall wär et och hei interessant emol eng Kéier Statistiken ze gesinn, wou déi eenzel Gemengen a vläicht och Pouvoir-publicen dann eigentlech dru si wann et ëm déi heite Problematik geet.

Domat sinn ech dann och scho beim Gesetz selwer. Ech wäert net méi op all déi Punkten zrëckkommen, déi virdu scho genannt gi sinn. Ech wëllt just drop opmierksam maachen, dass effektiv hei och Leit ausgeschloss si vun där Direktiv. Éischtens emol d'Consommateuren. Do hunn zwou Beruffskummeren drop higewisen, dass dat schued wär, well et d'Consommateure wäeren, déi notament net géifen zur Zäit bezuelen. Dat mag vläicht sinn, mä ëmgedréint schéngt et mer wéi wann d'Consommateuren hei och näischt kënnen akloen, wat dann och erëm eng Kéier bedauerlech ass, an et kann ee sech also d'Fro stellen ob déi Direktiv hei, esou positiv se och ass, net misst a Zukunft eng Kéier ausgeweit ginn.

An dann ass och ausgeschloss an der Direktiv, dass d'Pouvoir-publicen ënnertenaner ënnert dës Direktiv falen, wa se also sech géigesäiteg musse Paieementer maachen. Och do kéint ee sech d'Fro stellen, ob dat esou rasonnabel ass an ob een net misst e bësse méi wäit goen.

Da kéim ech och schonn op déi Schwaachstell, déi ech virdrun ugedeit hunn, déi eigentlech schonn an der Direktiv ugeluecht ass an déi sech och dann erëm am Gesetz ermëfënt, nämlech déi vun den Derogatiounen oder vun de Fäll, wou ee muss selwer regelen an de Kontrakter, nämlech engersäits den Délai an anersäits den Taux d'intérêt. Béid Aspekter kënnen ausgehandelt ginn an da spillt d'Direktiv net méi. Do kann ee sech dann d'Fro stellen, ob net elo d'office all Kontrakter wäerten an déi Richtung ofgeännert ginn, dass dat anescht virgesi gëtt an dass dann d'Direktiv am Fong keng Valeur méi huet. Ech géif dat bedaieren.

Ech fannen, wann een an déi Richtung géif goen, wann d'Derogatiounen dann zur Normalitéit géife ginn, dat wier jo dann eigentlech net de But vun der Direktiv. D'Fro stellt sech och hei, ob d'Praxis net wäert weisen a relativ kuerzer Zäit, dass d'Direktiv dann ebe misst méi streng gemaach ginn.

Bon, mir hu jo nach eng Zäit vrueis fir ze gesinn, wéi dass dann d'Ëmsetzung vun der Direktiv hei zu Lëtzebuerg wäert an der Praxis ausgesinn. Op alle Fall kann ech awer elo schonn d'Fro stellen, ob déi Direktiv sech dann net selwer aushiewelt.

Dat gesot, Här President, wëllt ech awer trotzdeem den Accord vun eiser Fraktioun zu deem Gesetz hei ginn, mat der Erwaardung awer, datt mer sécherlech relativ schnell wäerten eng verbessert Direktiv virleie kréien.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- Merci, Madame Wagener. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Urbany ageschriwwen. Här Urbany, Dir hutt d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Merci, Här President. Ech mengen d'Madame Wagener huet hire Brëll leie gelooss.

Den Objet vun deem heite Gesetzesprojet war jo ursprénglech d'Ëmsetze vun der europäescher Direktiv, déi exklusiv kommerziell Relatiounen beträff huet an och d'Relatiounen zwëschent Commerçanten a Pouvoirs publics. Et ass vill och doriwwer elo hei gesot ginn.

Ech si selbstverständlech der Meinung, dass d'Gemengen an de Stat sollen hir Rechnungen bezuelen. Allerdéngs kann een domat rechnen, dass verschidden Aspekter heivunner wéi héich Zënssätz, wann net ka bezuelt ginn an der Zäit, oder d'integral Iwwerhuelen zum Beispill vun den Affekotekäschten, wat eng Première ass an eise Recht, well bis elo ass et dat net ginn - bis elo ass et dat just an enger ganz ofgeschwächter Form ginn am Artikel 240 vum Code de Procédure civile -, dass dat nach wäert Konsequenzen hunn, déi awer opfale wäerten an Zukunft, och bei de Gemengen.

Mä ech wëll mech a menger kuerzer Riedezäit net mat deenen Aspekter beschäftegen, mä virun allem mat engem Aspekt, dat ass deem, dass den Objet vun deem Gesetz hei an der Zwëschenzäit ausgeweit ginn ass. An zwar stoung am ursprünglechen Text, Transaktiounen mat Consommateuren wieren exceptéiert vun deem Gesetz hei. Dat ass weiderentwéckelt ginn, och op Drock vun de Chambres patronales, an eng Emännerung vun eiser nationaler Gesetzgebung iwwert de legalen Zënssouss, an zwar an zwou Richtungen.

Éischtens, Scholdzënse bei alle Leeschtungen, déi vu Professionellen u Konsumente geleescht ginn, do wäerten an Zukunft automatesch Zënse ulafen, dräi Méint no der Prestatioun. Sief dat elo eng Wuereleiwierung, eng Aarbecht oder e Service. Dat ass eng Aschränkung vun deem, wat bis elo den Artikel 1153 vum Code civil gesot huet, an zwar dass d'Zënse nëmmen ulafen opgrond vun enger Mise en demeure écrite, par lettre recommandée, opgrond vun enger Ufuorderung un den Débiteur, dass et elo seriö gëtt an dass en elo soll bezuelen, soss géif e riskéieren, mussen Zënse ze bezuelen.

Et ass just eng Ausnahm ginn zu där Regelung do, duerch en anert Gesetz, an zwar d'Gesetz vun 1909, wat 1984 nach eng Kéier iwwerschafft ginn ass. E Gesetz wat gemaach ginn ass am Interesse vum Handwierker a vum klengen Verkeefer - Détaillant steet am Gesetz dran -, wou gesot ginn ass: D'Zënse lafen un dräi Méint no der Liwwerung oder no der Fäerdegstellung vun den Aarbechten, wann dat op der Facture steet.

Firwat ass deemools dat Gesetz agefouert ginn, géint den allgemeinen Prinzip an eise Recht? Dat ass well et sech do ëm Leit ganz offensichtlech handelt, déi selwer dacks an enger schlechter finanzieller Situatioun sinn, do-duerch dass se vis-à-vis vun hiren eegene Lieferanten nom Handelsrecht ganz kuerz Délaien hu fir ze bezuelen. Et ass am Fong geholl e Gesetz wat gemaach ginn ass fir Leit, déi an enger ähnlecher sozialer Situatioun si wéi déi, déi musse bezuelen. Et ass e Gesetz wat gemaach ginn ass fir de klengen Epicier oder den Handwierker vis-à-vis vu senger Clienten.

Wat awer elo hei geschitt - an ech wönnere mech, dass dat kengem opgefall ass heibannen -, dat ass eng Ausdehnung vun deene Bestëmmungen op all Kontrakter déi gemaach ginn zwëschent Professionellen a Konsumenten, ob et sech hei ëm Wuere handelt, ëm Dëngschleeschungen oder ëm Aarbechten. Dat ass eng ganz breet Definitioun an déi betrëfft och am Prinzip alles, esou wäit ech se wéinstens verstinn. Si betrëfft zum Beispill d'Vente par correspondance, Servicer déi iwwer Internet ugebuede ginn, dat heescht Beräicher wou et sech net ëm Services de proximité handelt, mä Beräicher wou et am Fong geholl keng Ursaach gëtt fir deene besonnesch begënschtegt Bedingunge par rapport zum allgemenge Recht ze ginn. An domat ass den Droit commun, dee seet, dass d'Zënse eréischt vun der Mise en demeure ulafen, wäitgehend duerchlächert, an ech froe mech wéi wäit déi nei Regelung do an der Praxis nach wäert goen.

Déi zweet Saach, déi hei geännert ginn ass, dat ass, dass d'Gerichter forcéiert ginn, obligatoresch zousätzlech Zënse ze verhängen, fir déi Eventualitéit wou dräi Méint nodeem hiert Uerteel zougestallt ginn ass et nach net konnt exekutiert ginn. Bis elo war dat fakulativ fir d'Gerichter. Si hunn et net musse maachen. Et war keng Obligation.

Ech hunn déi Diskussioun nogekuckt, déi aner Leit 1983 an der Chamber hei dozou haten, wou och am urspréngleche Regierungstext eng Obligation virgesi war. Do huet zum Beispill den Här Hellinckx vun der DP, deen deemools Rapporteur war, gesot, d'Kommissioun wier der Meinung, dass déi Penalitéit vun 3% net soll automatesch spillen. Ech zitieren en: „...“, mä dass d'Tribunal sollten e gewëssene Pouvoir d'appréciation kréien, fir eventuell Härtefäll ze berücksichtegen“.

Ech hu virdrun den Här Fayot héieren, deen am Numm vun der LSAP säin Accord zu deem Gesetz hei ginn huet. Mä deemools huet den Här Robert Krieps gesot, ech zitieren en: „Ech géing hoffen, dass d'Gerichter wierklech nëmmen do-vu Gebrauch maachen - dat heescht vun där Fakultéit fir zousätzlech Zënse vun 3% ze verhängen - an deene Fäll wou et zimlech kloer ass, dass et en Débiteur de mauvaise foi ass.“

A wann een d'Praxis vun de Gerichter kennt, da weess een och, dass dat an der Praxis esou gehandhaabt gëtt an dass déi zousätzlech 3% net systematesch verhaange ginn, wéi dat awer elo duerch e Gesetzestext hei soll obligatoresch gemaach ginn.

An et freet ee sech wierklech, wat déi 3% zousätzlech Zënse och dem Créancier da solle bréngen vis-à-vis vun engem Débiteur, dee Schwierigkeiten huet ze bezuelen, och wann e gudden Willen do ass a wann e bereet ass en Echancier zum Beispill anzegoe fir ze bezuelen. Et gëtt jo am iwwerengen och effikass Methode fir kënnen ze exekutieren. Et kann een net nëmmen den Dierwiechter schécken, et kann een och Saisie op d'Pai maachen an esou weider.

A 4,75% legal Zënse, wéi se de Moment bestinn, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass jo schonn eng ganz appréciable Zomm, wann een déi op Joren a Joren zum Beispill, oder op Méint a Méint rechen, an och wann et sech ëm eng relativ grouss Zomm en principal handelt, déi soll exekutiert ginn.

Mä neen, hei gëtt gesot, automatesch mussen d'Gerichter dann nach 3% zousätzlech verhängen. Dat heescht, d'Scholdelaascht fir d'Leit, déi an der Situatioun sinn Débiteur ze sinn, gëtt dann nach vill méi grouss a läit da bal bei 8% am Ganzen. De Procureur général huet deemools gesot an engem Avis, et dierf net zu engem Enri-

chissement, zu enger Beräicherung vun de Créancier féieren.

(M. Jean Spautz reprend la Présidence)

Ech wëll hei keng Lanz, Dir Dammen an Dir Hären - ech sinn och geschwé fäerdeg -, brieche fir „mauvais payeurs“, mä et gëtt och Leit déi ouni hiert eegent Veschëlden an eng schlecht Situatioun geroden.

De Chômage wiisst vun Dag zu Dag an ech fannen, et ass e bëssen eng Zoomuddung, och wann ee bedenkt wat fir eng Diskussioun deemools hei gefouert ginn ass, wann een elo seet, mir forcéieren d'Gerichter an alle Fäll nach 3% zousätzlech de Leit Zënse opzebrummen, dann, fannen ech, ass dat e ganz schlecht Gesetz wat mer hei solle stëmmen.

An ech wëll esouguer eng prinzipiell Fro hei opwerfen. Ech hu gesot, dat Gesetz war am Ufank nëmmen e Gesetz fir Commerçanten. Elo sinn d'Konsumente beträff, all Konsumente nom Konsumentenschutzgesetz, steet an der Definitioun. Ech froe mech: Firwat sinn net déi zoustänneg Chambres salariales dee Moment ageschalt ginn an d'Procédure de consultation a si gefrot ginn hir Meinung dozou ze soen, well et si jo hir Adhérenten, déi dovun beträff sinn? Firwat ass d'Union luxembourgeoise des Consommateurs zum Beispill net ëm en Avis zu dësem Gesetz hei gefrot ginn?

(Interruptions)

Ech mierken, dass déi Aspekter hei alleguerten lech net schenge bekannt ze sinn. D'Madame Wagener huet virdu gesot, et géif sech iwwerhaupt net op d'Konsumenten applizéieren. Dobäi ass et evident, dass et sech op d'Konsumenten applizéiert.

(Interruption)

Ee Moment Här Henckes, herno kënn Dir jo schwätzen, ech schwätzen dann och nach vläicht eng Kéier, mä de Moment ginn ech jo hei bedrängt fir fäerdeg ze ginn. Ech jäize ganz einfach esou, well keen nolauschtert, an Dir schwätzt ëmmer dertëscht, Här Henckes!

An dobäi handelt et sech ëm e ganz wichteg Gesetz, wat d'Situatioun vun enger ganzer Partie vu Leit betrëfft, besonnesch an enger Situatioun, wou et de Leit dobaussen ufänt sozial méi schlecht ze goen.

Ech wëll wierklech kloer hei d'Fro opwerfen, ob mer net dat Gesetz hei ënnert deenen Aspekter nach eng Kéier op de Métier sollen huelen, nach eng Kéier d'Avisen anhuele vun der Union des Consommateurs a vun de Salariatskummeren, fir emol ze kucken wat si dozou soen.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, ech stelle fest, datt zu dësem Projet de loi bal alles gesot ass an datt dese Projet de loi, mat enger Ausnahm, eng ganz grouss Zoustëmmung hei fonnt huet an deenen Interventionen, grad esou wéi an der zoustänneger Kommissioun, an dofir géing ech just wëllen am Numm vun der Regierung dem Här Santer fir säi Rapport an der Kommissioun fir hir Aarbecht merci soen, well d'Kommissioun, dat muss een hei gesinn, huet den Text vun der Regierung largement ëmgeschriwwen. Dat ass, mengen ech, eng Aarbecht mat där d'Regierung an deem Sënn kann d'accord sinn, well en awer nach grondsätzlech dat reflektéiert wat an der Direktiv vun eis am Joer 2000 approuvéiert ginn ass.

Ech géing just nach ee Saz bäifügen, nämlech deen, datt e puer Kolleegen heibanne gesot hunn, dat misst ee via Circulaire un d'Ge-

menge matdeelen, an och anescht de Leit matdeelen, datt dëst Gesetz gestëmmt gëtt. Ech sinn nach ëmmer dovun ausgaangen, datt iwwerall am Land de Mémorial géif gelies ginn, a wann een elo muss bei all Gesetz eng Kopie schécken, och nach un d'Gemengen, ech géing also proposéieren, datt ech dem Innenminister géif soen, e soll extra de Mémorial nach eng Kéier schécken, mä ech wëll awer och heibanne soen, et betrëfft net nëmmen d'Gemengen, et betrëfft och d'Betriber, an et ass esou, datt jidderee soll seng Rechnung bezuele wa se kënnt, an dofir mengen ech, ass dat hei am Fong de „bon sens“, deen am Text de loi reflektéiert gëtt.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir

kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi.

Den Här Urbany freet nach d'Wuert.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech froe Parole après ministre. Ech stelle fest, datt de Minister net Stellung geholl huet zu deem wat ech virdrun hei gesot hunn.

M. le Président.- En huet Stellung geholl zu deem wat d'Riedner gesot hunn.

M. Serge Urbany (déi Lénk).- Ech war och ee vun de Riedner!

M. le Président.- Mir stëmmen elo of. Et ka jo jidderee stëmme wéi en dat fir richtig fënnt. D'Lecture vun den Artikelen fänkt un.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Asselborn)

D'Artikelen 1 bis 18 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo of iwwert de virleien-de Gesetzesprojet 4956.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet si stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, 1 Nee-Stëmm a 7 Abstentiuonen.

Ont voté oui: Mme Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Jean-Marie Halsdorf), Mme Marie-Josée Frank, MM. Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Nico Loes, Paul-Henri Meyers (par

M. Marco Schank), Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marcel Sauber, Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Théo Stendebach, Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helming, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell et John Schummer;

MM. Mars Di Bartolomeo (par M. Jeannot Krecké), Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké et Mme Lydia Mutsch;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Aly Jaerling), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Camille Gira, Jean Huss, Mmes Dagmar Reuter-Angelsberg et Renée Wagener.

A voté non: M. Serge Urbany.

Se sont abstenus: MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Lucien Lux, Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, domadder wäre mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg a fänkt um halwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 17.16 heures)

Ordre du jour

1. Communication
2. 5189 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Ettelbruck
(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale)
3. 5218 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Grevenmacher
(Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale)
4. 5219 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Luxembourg
et
5220 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Luxembourg
(Rapports de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse - Discussion générale)
5. 5189 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Ettelbruck (suite)
(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
6. 5218 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Grevenmacher (suite)
(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
7. 5219 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre intégré pour personnes âgées à Luxembourg (suite)
(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)
8. 5220 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Luxembourg (suite)
(Lecture du texte du projet de loi - Vote et dispense du second vote constitutionnel)

Au banc du Gouvernement se trouve Madame Marie-Josée Jacobs, Ministre.

(Début de la séance publique à 14.31 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op. Huet d'Regierung der Chamber iergendeng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

1. Communication

Ech wollt da folgend Kommunikatioun maachen: Gëschter gouf op Ufro vun der Familljeministesch um Greffe vun der Chamber de

- *Projet de règlement grand-ducal 5310 portant exécution de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées*

déposéiert.

Mir kommen dann elo zur Diskussioun vum Projet de loi 5189 iwwert de Bau vun engem Fleegeheim zu Ettelbréck. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et si schonn agedroen: den Här Wohlfart, d'Madame Durdu, den Här Colombero an d'Madame Wagener.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Lucien Weiler.

2. 5189 - Projet de loi autorisant la participation de l'État à la construction d'un centre de services intégrés de soins pour seniors à Ettelbruck

Rapport de la Commission de la Famille, de la Solidarité sociale et de la Jeunesse

M. Lucien Weiler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt net ganz vill Phenomeener, déi d'lescht Jorhonnert esou geprägt hu wéi déi demographesch Entwécklung. D'Proportioun vun de Leit iwwer 65 Joer hält zënter Mëtt des leschte Jorhonnerts stänneg zou.

Dës Tendenz - dat bewiese wëssenschaftlech Etüden an och d'Realitéit - wäert sech am Laf vun deenen nächste Joren a Jorzéngte fortsetzen. D'Proportioun vun deenen eelere Leit ass vun 8% 1950 op ronn 10% am Joer 2000 eropgaangen. D'Experte ginn dovun aus, dass am Joer 2050 ongeféier 21% vun der Weltbevölkerung iwwer 60 Joer wäerten hunn. Wann Asien a virun allem Japan riskéieren déi eelste Populatioun ze hu mat engem Duerchschnëttsalter vun 41 Joer, ass d'Situatioun an Europa net vill besser. Den Duerchschnëttsalter läit hei, no engem Rapport vun der UNO, deen am Joer 2002 gemaach ginn ass, bei 36 Joer.

Et ass virun allem d'Kategorie vun deene Mënschen iwwer 80 Joer, déi déi séierst Steigerung ze verzechnen huet. Hautdësdays stellt dës Kategorie 12% vun deenen eelere Leit duer. A 50 Joer wäert se ee Fënneftel vun dese Mënschen

ausmaachen. Dësen Trend ass eemoleg a mir wäerten erliewen, wann deen Trend unhält, an näischt schwätzt dergéint, datt an e puer Jorzéngte fir d'éischte Kéier an der Geschicht vun der Mënscheit déi eeler Leit iwwer 65 Joer méi staark vertruede wäerte si wéi déi jonk.

Dës demographesch Entwécklung bitt op där enger Säit selbstverständlech vill Méiglechkeeten a vill Opportunitéiten, mä stellt awer och op där anerer Säit grouss Eerausforderungen, sief et - ech wëll der nëmmen zwou ernimmen - bei der Gesondheetsversuergung oder och um Niveau vun der Finanzéierung vun de Renten a Pensiounen. Dobäi kommen nach eng Rei vun aneren Eerausforderungen, déi iwwert dës Elementer, déi ech opgezielt hunn, erausginn.

Wa sech déi allermeeschte Leit selbstverständlech wënschen, sou laang wéi méiglech doheem ze liewen, stellt sech trotzdem fir vill eeler Persounen vun engem gewësse Moment un d'Fro, wou se hire Liewensowend wëllen oder och musse verbréngen. Net jiddereen huet d'Méiglechkeet bei senger Famill déi lescht Zäit ze verbréngen. Wann ee kucke geet, wéi d'Famill ausgesinn huet virun 20, 30 a 40 Joer, da war déi nach anescht. Et sinn der vill heibannen, déi kënne sech drun erënnere, wéi dat bei hinnen doheem war. Ech ka mech erënnere, bei eis ware véier al Leit an der Famill, déi vun enger Koppel versuergt goufen. Haut si vun deenen, déi aus deem Mariage ervirgaange sinn, keng méi, déi musse och kënne oder an der Noutwendegkeet sinn, fir doheem selwer eeler Leit ze verfleegen.

Dobäi gesäit een opgrond vun der Evolutioun vun der Famill, sou wéi d'Famill an engem ganz kuerzen Zäitofschneitt changéiert huet vun deem, wéi mir se kannt hunn - se ass jorhonnertelaang net sou evoluéiert wéi an deene leschten 30 a 40 Joer -, dass dat nei Eerausforderungen an nei Problemer stellt, déi mir musse ugoen. Et ass also wichtig op d'Besoiné vun dese Leit anzegoen a Léisungen ze fannen, notamment am Beräich vun den Opfangstrukturen.

Dofir, Här President, gesäit dee Projet, dee mir haut de Mëtteg hei diskutéieren, vir, dem Stat ze erlaben d'Errichtung vun engem Centre de services intégrés de soins fir Seniores zu Ettelbréck matzefinanzéieren. Et ass ee vun deene ville Beispiller vun enger konsequenter Politik fir den drëtten Alter, déi an deene leschten zéng Joer vun der leschter Koalitioun a vun deser Koalitioun duerchgezu

ginn ass. Mir kënnen eis erënnere un déi Diskussiounen, déi gefouert gi sinn, wou opgerechent ginn ass, ob een net besser hätt, amplaz eng Schoul, eng Sportsinfrastruktur oder eng Kulturinfrastruktur ze bauen, déi ze ersetzen duerch Konstruktiounen an deemem Beräich. Ech weess, datt et leider Leit an alle Parteie gëtt, déi sou Oprechnunge wéi déi dote maachen.

Abee, ween de Programm vun der Chamber kuckt, dee gesäit, dass mer haut de Mëtteg véier esou Ariichtunge wéi déi heiten als Projet stëmme wäerten. Dee gesäit, dass hei zwou Regierungen, déi lescht an dës, konsequent an déi Richtung gaange sinn, fir deem Bedarf, dee mer hunn, sou wäit wéi méiglech an no de finanzielle Moyenen, wéi se sech eben erginn, nozekommen.

Dese Projet dréit also der demographescher Evolutioun vun eiser Gesellschaft a virun allem och deene spezifesche Besoiné vun eelere Matmënsche Rechnung. Dat gesäit een, wann een de Projet am Detail kuckt. Et ass - wéi gesot - ee vun de Bausteng vum nationale Programm fir eeler Leit, deen esouwuel den Ausbau vun Opfangstrukture wéi och d'Schafung vun aneren Hëllefes- an Ennerstëtzungsméiglechkeete virgesäit mam Objektiv, Mënschen, eelere Leit, a puncto Logement ee méi grouss Choix ze loossen.

Et si virgesinn um aktuelle Site vum Centre hospitalier zu Ettelbréck: E Centre intégré fir eeler Leit, e Revalidatiounszenter an och eng Maison de soins, wourun nach eng Rei vu spezifesche Services uegglidert sinn. Déi nei Strukture solle bis zu 121 Leit ophuelen an 156 Therapieplazen ubidden. De Centre intégré ass geduecht fir Persounen iwwer 65 Joer, déi valide sinn, dat heescht, déi zu engem groussen Deel, wann net komplett, onofhängeg sinn. Et geet virun allem drëms, deene Leit bei deenen alldeeglechen Aktivitéiten a Flichten ze hëllefen, wa sou eng Hëllef gefrot respektiv néideg ass, an hinnen nozelauschteren a Baistand ze ginn, wa se Problemer hunn. D'Onofhängegkeet vun de Pensionäre gëtt hei grouss geschriwwen a soll mat alle Mëttelen ënnerstëtzt ginn.

D'Revalidatiounsstruktur ass fir eeler Leit, déi op eng gréisser Hëllef ugewise si wéi déi, vun deenen ech virdru geschwat hunn am Centre intégré, mä bei deenen d'Chance besteet, datt se enges Dags erëm kënnen heemgoen. Dës Struktur soll d'Leit während enger méi kuerzer Zäit, am Regelfall